N° 279
Reçue le 17.01.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 18ten Januar 2022 wéilt ech dem Minister fir Bildung eng mëndlech Fro stellen.

Duerch déi héisch Covid-19 Infektiounszuelen sinn aktuell iwwer 20'000 Leit an Isolatioun. Dovun och vill Schoulpersonal. Den 6ten Januar huet RTL gemellt, dass ronn 10 Prozent vun den Enseignanten an der Grondschoul a 7 Prozent am Secondaire ausfalen, wëll se selwer an Isolatioun mussen oder Congé pour raisons familiales hu mussen ufroen. Dofir goufen an enger éischter Phase 158 zousätzlech Remplaçanten engagéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wéi vill Prozent vun den Enseignantë kënnen am Moment wéinst enger Covid-19 Erkrankung oder wéinst dem Congé pour raisons familiales net schaffe kommen (Grondschoul a Secondaire separat opgelëscht)?
- Wéi vill Schoulklasse mussen am Moment op Homeschooling zréck gräifen (Grondschoul a Secondaire separat opgelëscht)?
- Wéi Enseignanten hunn säit Joresufank missten aus Congéë geruff ginn, fir anzesprangen?
- Kann de Minister schonn ofschätzen, wat fir een Effekt de Covid-Check op de Schoulbetrib dëse Méinden hat (Presenzen, Organisatioun, ect.)? Wat fir Réckmeldunge krut de Minister?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député